N° 7404
Entrée le 21.12.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 21.12.2022

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 21. Dezember 2022

Här President,
esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Bannenzeg Sécherheet weiderzeleeden.

Nom Urteel vum Verfassungsgeriicht vum 9. Dezember 2022 wäert et wuel zu Ännerunge kommen, fir konform zum Urteel ze sinn.

An deem Zesummenhang wollt ech folgend Fro un den Här Minister stellen:

Wéi steet den Här Minister elo nom Urteel vum Verfassungsgeriicht zu folgende Léisungsvirschléi:

1) Déi Polizisten, déi an der B1-Karriär sinn, bleiwen och an der B1-Karriär.
2) Déi Polizisten an der Karriär C1 mat engem Diplom "Fin d'études secondaires" oder equivalent gi réckwierkend an d'B1-Karriär reklasséiert.
3) Déi Polizisten aus der Karriär C1, déi net den Diplom "Fin d'études secondaires" oder equivalent hunn, kënne wéi bis elo no enger Unzuel un Déngschtjore weiderhin an d'Karriär B1 wiesselen.

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten